

Bestimmungen:

Unerlaubte Aufführungen, unerlaubtes Abschreiben, Vervielfältigen, Verleihen der Rollen müssen als Verstoß gegen das Urheberrecht verfolgt werden. Alle Rechte, auch die Übersetzung, Rundfunk Verfilmung, und Fernsehübertragung sind vorbehalten. Das Recht der Aufführung erteilt ausschließlich der Verlag.

Info-Box

Bestell-Nummer:	13017 LU
Sprooch:	Lëtzebuergesch
Kaméidistéck:	3 Akte
Bünebiller:	1 eidelt App.
Spilldauer:	+/- 100 Min.
Rollen:	8
Frauen:	5
Männer:	3
Rollensatz:	9 Hefte
Preis Rollensatz	142,00€
Aufführungsgebühr pro Aufführung: 10% der Einnahmen mindestens jedoch 85,00€	

13017LU

Trotzdeem alles Guddes

(Kaméidistéck an in 3 Akten)

vum

Jos WeimerskirchInhalt.

D'Céline an den Henri feieren hire 15te Hochzäitsdag, mee jiddereen huet eng onangeneem Noriicht, déi en deem aneren verheemlecht fir d'Feier net ze versauen.


D'Schwéiermamm ass am Altersheem mat hirem Frënd fortgelaf an d'Directrice vum Altersheem versicht hir Matbewunnerin erëm ze kréien. De Serge, en ale Kolleeg vum Henri, dee mat him zesummen an der Arméi war, kennt op Besuch a gëtt all deem an de Ligen ausgesat déi wéi Schnéiklatzen hin an hir fléien

D'Stéck spillt an der Géigewaart.Bünebild:

Eng Stuff mat enger Dir fir an d'Kichen, enger Dir fir an de Gank vu wou een an aner Deeler vum Appartement kennt an och eraus goe kann, eng Dir fir an d'Schlofkummer.

Persounen:

Numm	Beschreibung	Asätz
Henri Dusel	Mann	161
Céline Dusel	Fra	143
Triny Matin	Mam vum Céline	78
Aender Pinceau	Frënd vum Triny	78
Demy Daum	Polizist	84
Serge Zill	Kolleeg aus der Arméi	166
Suzy Pot	Frëndin vum Céline	163
Bernadette Cocker	Directrice aus dem Altersheem	78



Bestimmungen:

Unerlaubte Aufführungen, unerlaubtes Abschreiben, Vervielfältigen, Verleihen der Rollen müssen als Verstoß gegen das Urheberrecht verfolgt werden. Alle Rechte, auch die Übersetzung, Rundfunk Verfilmung, und Fernsehübertragung sind vorbehalten. Das Recht der Aufführung erteilt ausschließlich der Verlag.

Akt 1

Szeen 1
Céline, Suzy

Céline (*leeft wéi geckeg hin an hir*) Mee wat soll dat ganzt??? Ech hunn hat virun 2 Stonnen ugeruff, et misst dach scho längst do sinn!

Suzy (*vu baussen*) Ding dong.... Re dingdong rere ding dong.

(*D'Céline geet d'Dir opmaachen.*)

Suzy So Céline Du kéints deng Schell flécke loossen. Ech hu misse wéi e Waldiesel blären.

Céline Maer hu se ausgeschalt wéinst dem Puppelchen.

Suzy Mee wat fir e Puppelchen? Daer hutt dach kee Puppelchen. Oder hunn ech eppes verpasst?

Céline Nee, nach net, mee et ka jo nach alles kommen an dofir maache maer schonns wéi wann. Dat hëllef eis an der Psyche.

Suzy An et brauch een Psyche fir e Puppelchen ze hunn?

Céline Natierlech, Du zum Beispill, Du hues kee Puppelchen.

Suzy (*ganz naiv*) Nee!

Céline C.Q.F.D.!!! Maer benotzen d'Coué-Méthode ... Hei zum Beispill, den Henri ass am gang di kleng Schlofkummer nei unzesträichen!

Suzy Dat ass jo ganz impressionant, da maacht Daer och elo Fläschen fir de Puppelchen?

Céline Natierlech. Den Henri an ech wiesselen eis of a spillen ofwiesselnd de Puppelchen

Suzy Et ass verréckt, Aer Methode. ... An da mengt Daer wann Daer d'Schell ofstellt, da géif dat di Saach vereinfachen fir, dass e Puppelchen un d'Dier klappt??? Mierks de? Dat ass an engem gewësse Sënn esouguer logesch!

Céline Gudd, ech hunn dech net geruff fir iwuer eis Schell ze schwätzen. Et ass nach vill méi schlëmm.

Suzy Dat haasst Du maer um Telefon gesot. Dofir sinn ech och esou séier heihinner komm. Ech hu mech a manner wéi enger hallwer Stonn geduscht a maquiéiert, wann ee presséiert ass da bréngt een Affer. Ech hunn iwuerall am Quartier no mengen Auto gesicht, dee war an eiser Garage. An elo sinn ech hei.

Céline Ech hat Daer jo awer schonn virun 2 Stonnen ugeruff.

Suzy A fir d'Pampers?

Céline Wéi?

Suzy Du an den Henri, Daer wiesselt Aech of?

Bestimmungen:

Unerlaubte Aufführungen, unerlaubtes Abschreiben, Vervielfältigen, Verleihen der Rollen müssen als Verstoß gegen das Urheberrecht verfolgt werden. Alle Rechte, auch die Übersetzung, Rundfunk Verfilmung, und Fernsehübertragung sind vorbehalten. Das Recht der Aufführung erteilt ausschließlich der Verlag.

Céline Wann ech gelift Suzy, concentréier dech, soss fanne maer ni eng Léisung.

Suzy Ech maache wat ech kann. Mee et ass ëmmer schwéier dech ze verstoen.

Céline Wat' s Du awer kanns. Zweek Kilometer an zwou Stonnen ... E Rekord !

Suzy Weess de d'Lëtzebuerger Strooss zu Käerjeng um 17 Auer, dat ass net esou einfach.

Céline Déi ass dach guer net op dengem Wee.

Suzy Weess de. Ech hat mech verfuer. Mee wat zielt ass, dass ech elo do sinn.

Céline Pardon. Mee weess de, ech si fäerdeg mam Nerv.

Suzy Gudd, mee so maer wat Daer geschidd ass? Wéis Du ugeruff hues, hues Du just getuddelt an Du hues nervös geklong.

Céline Den Henri ass am Raum niewendrun.

Suzy Verheemlechs Du him eppes? Hues Du e Lover? O, ech hat dat komme gesinn. Allez, verziel maer all Detailer. En ass grouss, kleng blond, huet eng Glatz?

Céline E Lover, ech??? Du hues se net méi all.

Suzy Du hues Recht, dat ass net logesch.

Céline Merci. Et géif een net mengen, dass een et mat der beschter Frëndin ze dinn huet. Du kanns een tréischten. Sief Daer bewosst, dass et nach Leit ginn deenen ech gefalen.

Suzy Dem Henri?

Céline Nee de Männer am allgemengen.

Suzy A, well den Henri eventuell kee richtege Mann ass?

Céline Dat hunn ech net gesot. Den Henri ass kee Mann a den Henri ass mäi Mann.

Suzy Gudd, da so wat ass lass?

Céline Eng Katastrophe.

Suzy Ass deng Mamm gestuerwen?

Céline Suzy, ech sot eng Katastrophe.

Suzy Kënnt se nees bei Aech wunnen?

Céline Ech hunn vun enger Katastrophe a net vun enger Naturkatastrophe geschwat. Maer hate schonns eis Problemer fir se iwwerhaupt an en CIPA ze kréien. Schwätz maer elo net vun esou engem Pech.

Suzy Et ass wouer. Et kann ee net soen si géif mat der Famill fillen. Fir d'Wouerecht ze soen, si huet nach ni no deenen anere gekuckt an dat gött mat der Zäit och net besser.

Bestimmungen:

Unerlaubte Aufführungen, unerlaubtes Abschreiben, Vervielfältigen, Verleihen der Rollen müssen als Verstoß gegen das Urheberrecht verfolgt werden. Alle Rechte, auch die Übersetzung, Rundfunk Verfilmung, und Fernsehübertragung sind vorbehalten. Das Recht der Aufführung erteilt ausschließlich der Verlag.

Céline Weess de, si war laang bei eis, mee du si mer awer zesummegebrach.

Suzy Genau esou wéi däi Brudder virun Daer. Dee war esouguer duerno ee Mount wéinst hirer am Geckenhaus.

Céline A neen, dofir konnt meng Mamm net et war schlëmmer. Seng Fra ass Proff.

Suzy An? Mach deng Sätz fäerdeg.

Céline Ech war domadder fäerdeg, mat mengem Saz. Bon wanns de nach gären e bèsse méi wëlls... Zeecheproff.

Suzy Och nach esou eng gebilt, dat sinn di schlëmmst. Mee fir wat war deng Mamm da grad bei Aech gelant?

Céline Well se mat menger Schwéiesch ee fonnt hat, dee nach schlëmmer war wéi si. Kanns Du Daer dat virstellen? Du kenns jo meng Mamma. Eng méi schlëmm wéi si!

Suzy Wann ech dann un däi Bridder denken, dann ass dee jo richtig ze bedauern.

Céline Dat kanns de haart soen. Et ginn der déi kommen op Rousen op Welt an anerer am Chouffleur, mee hien koum tèschent deenen zwee um raschtege Reech op d'Welt. Hien verléisst eng Mamm, déi onméiglech ass, fir sech mat enger Fra ofzeginn déi an engem Stéck knaddert.

Suzy Deen aarmen.

Céline An dobäi huet hien nach keng Kanner.

Suzy A, deen Aarmen.

Céline Hien huet Angscht et kéint e Meedche ginn a well hien un d'Serie gleeft wier et no der Boma an der Mamm um Tour vu sengem Meedchen. Hien ass e richtige Pessimist.

Suzy A, deen Aarmen.

Céline Bass de fäerdeg hien ze bedauern. Ech si siwe Joer méi al wéi hien an dat ass beleigegent.

Suzy Ech wousst net, dass Du esou empfindlech bass.

Céline Dat sinn ech, wann et ëm mäin Alter geet.

Suzy O du aarm al Fra.

Céline Weess de, maer konnten se net méi hei halen, ech wier zesumme gebrach. Do muss ech soen, den Henri war fantastesch.

Suzy Wéi ëmmer. En ass formidabel, däin Henri. .. Weess de, wann hien nach Jonggesell wier... Du bass Daer net bewusst wéi hien dech verwinnt. Zemol no 15 Joer Bestietnes.

Céline A weess de, fir hien war et och net einfach. All di Männer déi hei am Haus aus an a gaange sinn. En hätt jo kéinten Angscht hunn ech géif schwaach falen.

Bestimmungen:

Unerlaubte Aufführungen, unerlaubtes Abschreiben, Vervielfältigen, Verleihen der Rollen müssen als Verstoß gegen das Urheberrecht verfolgt werden. Alle Rechte, auch die Übersetzung, Rundfunk Verfilmung, und Fernsehübertragung sind vorbehalten. Das Recht der Aufführung erteilt ausschließlich der Verlag.

Suzy Wéi? Has Du Haerebesuch?

Céline Nee, mee meng Mamm. D'Personal vun den Altersheimer wat laanscht komm ass, gouf ëmmer méi jonk. Hei virun zwee Méint kouw dee richtegen. Mee gleef maer, dee war am Stëmmbroch.

Suzy Am Stëmmbroch.

Céline Wann ech Daer et soen ... Mee dee wollte maer dunn och net. Den Henri huet dunn all CIPA ofgeklappt, an dat ganz pinglech, a wann en Heem kouw huet e maer Bericht gemaach. Lo hu maer dee fonnt deen eise Krittere entsprécht.

Suzy Dat beschte medezinescht Personal.

Céline Nee.

Suzy Dee beschte Kach?

Céline Och net! Ganz einfach dat zu Klief, well dat am wäitsten vun hei ewech ass a well keen direkte Bus vun do heihinner kënnt.

Suzy Du méchs de Geck. Wann ech esou eng Schwéiermamm hätt, géif ech fir si dat Pfllegeheim huelen wou si am meeschten Oflenkung hätt.

Céline Nee! Mee wann ech maer esou Gedanke maachen, ass dat hei och de Fall ... Mee ech mengen net, dass dat fir den Henri e Critère war. Du muss di laang Waardelësche gesinn, dat ass impressionant. Gudd, dass den Henri ee kennt. Et ass schwéier eng Bomi an engem Altersheim ënnerzebréngen déi Alkoholikerin a Nymphomanin ass.

Suzy Mat all deem, hues Du maer nach ëmmer net gesot wat dech bedréckt.

Céline Dat ass wouer, ech war ofgelenkt. Gudd ech erklären et Daer. Weess de ech hunn de Moien net mäi Brëll fonnt an dofir sinn ech op de Büro Kontaktlense siche gaang.

Suzy Gudd, dat ass logesch.

Céline Gudd. Wéi ech dunn mam Auto ënnerwee war hunn ech der Botzfra ugeruff fir, dass si d'Dier vum Büro opléist.

Suzy Gudd, dat ass logesch.

Céline Mee de Problem, well et ass e Problem! Du gees op deng Schaff an Du bass net maquilléiert.

Suzy Gudd, dat ass logesch.

Céline Wéi ech dunn mat der Botzfra telefonéiert hunn, hunn ech meng Trousse geholl an ugefaangen mech schéin ze maachen, mee grad an deem Moment hat ech e Problem. Wat mengs de. Ech loosse dech rodéieren.

Suzy Et ass net einfach d'Neel ze fierwen wann een am gaangen ass ze telefonéieren.

Céline Nee de Problem war, dass ech kee Brëll ophat.

Bestimmungen:

Unerlaubte Aufführungen, unerlaubtes Abschreiben, Vervielfältigen, Verleihen der Rollen müssen als Verstoß gegen das Urheberrecht verfolgt werden. Alle Rechte, auch die Übersetzung, Rundfunk Verfilmung, und Fernsehübertragung sind vorbehalten. Das Recht der Aufführung erteilt ausschließlich der Verlag.

Suzy Mee dat war net schlëmm, Du waars jo ënnerwee fir Kontaktlënsen sichen ze goen.

Céline Jo, mee fir besser ze gesinn, hunn ech méi no bei de Spigel misse goen.

Suzy Gudd, dat ass logesch.

Céline Jo, mee fir mech riicht ze setzen, hunn ech mech missen um Gasedall ofdrécken an do hat ech liicht di virgeschriwwen Vitesse vun 30 km an der Stonn iwwerschrott.

Suzy Deen nach ni ze séier gefuer ass, soll deen éischte Steen geheien?

(D'Suzy gehäit e Stéck Zocker.)

Céline Gudd, ech sinn duerch e puer rout Luuchte gefuer. Et ass jo och net einfach de Fous vum Gasedall op d'Bremspedall ze wiesselen wann ee grad an där Positioun sëtzt wéi ech.

Suzy Den nach ni duerch eng rout Luucht gefuer ass gehäit deen éischte Steen *(a gehäit nees e Stéck Zocker.)*

Céline An deem Moment hunn ech d'Sireen vun engem Police Moto héieren. Ech weess net wat u mech komm ass, mee ech hunn deen ofgehaang. Du verstees, et dierf een net abrupt bremsen soss riskéiert een en Accident ...

Suzy A jo an de Pinsel kéint ofrëschen an da géifs de deng Wimpere verfeelen. Do hätt ech och net gebremst wann ee bedenkt wat den Démaquillant haut kascht.

Céline Hien hat sech sécher d'Autosplaque ofgeschriwwen. Dat gëtt eng Katastrophe wann den Henri dat gewuer gëtt, zemol haut op eisem Hochzäitsdag. Kanns Du maer hëllefen?

Suzy Alles wat s Du gären häss, ech sinn däi Mann, sot, deng Fra. Chef wat häss de gären?

Céline Du war' s haut de Moien bei maer.

Suzy Nee. Ech kann de Moien net bei Daer gewiergt sinn well ech net hei war. Dat ass logesch.

Suzy Ech erklären et Daer. Maer ginn bei d'Police a soen den Auto wier maer geklaut ginn. An Du sees Du wäers di ganzen Zäit bei maer gewiergt.

Suzy Du sees also, Du häss däin Auto geklaut an ech wier däi Alibi . Dat ass net logesch.

Céline Ech soen hinnen et hätt een mäin Auto geklaut an du häss mech de ganze Moien gefouert well ech keen Auto hunn.

Suzy Weess de, Du bass net ganz logesch. Du gees bei d'Police op de Büro an déi hätten dech kéinten op der Strooss unhalen.

Céline D'Haaptsaach ass, maer ginn elo op d'Police. Ech erklären Daer dat ganz nach eng Kéier ënnerwee.

Suzy So kënne maer d'Trappen huelen, ech fäerten an mam Lift an de Schacht ze falen.

Szeen 2
Henri, Serge

(Den Telefon schellt.)

Bestimmungen:

Unerlaubte Aufführungen, unerlaubtes Abschreiben, Vervielfältigen, Verleihen der Rollen müssen als Verstoß gegen das Urheberrecht verfolgt werden. Alle Rechte, auch die Übersetzung, Rundfunk Verfilmung, und Fernsehübertragung sind vorbehalten. Das Recht der Aufführung erteilt ausschließlich der Verlag.

Henri (*aus dem Raum niewendrun*) Stupp, kanns Du drop goen, ech hunn d'Hänn voll.

(*Den Telefon schellt weider an den Henri kënnt mat engem Pinsel an der Hand op d'Bün.*)

Henri (*schwätzt um Telefon*) Hallo, Daer wëllt mam Céline Dusel schwätzen? Jo, do si Daer richtig! Jo, dat ass egal, ech sinn hire Mann ... Wien ass dann op der aner Säit? Ah, d'Directrice ... Wéi geet et dann aerem neie Kaschtgänger? Nervt se di aner net zevill? Wéi? Si ass gaang? Dat ass traureg, den Herrgott huet hir Séil. Entschëllegt, ech hunn haart gedreemt. Wat gelift? Si ass fortgelaf, op der Flucht. Et schellt un der Dier. Entschëllegt d'Madame, et schellt un der Dier, ech kommen direkt erëm. (Hien leet den Telefonshörer nidder a geet zu der Dir. Zu sech selwer). Di al Louder, déi hält net op eis ze nerven.

Serge (*Ee méi korpulente Mann kënnt wéi de Blëtz eran*) Du alen Vévé, all déi Zäit. Kenns Du mech net erëm?

Henri (*e bëssen erstaunt op den éischte Blëck*). Nee, ! Daer sidd?

Serge Elo geet et awer duer, Vévé, kenns Du däi Serge net méi erëm?

Henri Et deet maer leed, mee ech kenne kee Serge, an halt op mech Vévé ze nennen. Sou gouf ech fir d'lescht genannt wéi ech nach an der Arméi war.

Serge Genau, de Beemchen 84, Haerebiereg. Et war ... Egal, et fällt maer nach an. An, weess de nees wien ech sinn? De.... Serge Zill.

Henri Serge, wat fir eng Iwwerraschung. De Kompliz vu mengen schéinsten Abenteuer um Bierg. Zanter deem hues de e bësse changéiert. Hues de 2 Sekonnen? Ech war grad um Telefon wéis Du komm bass. (*E gëtt dem Serge säi Pinsel an hält nees den Hörer bei d'Ouer*) Madame Directrice, entschëllegt, mee sot maer, wéi konnt se fortlafen? Ee vum Personal deen hir gehollef huet? En Infirmier vun 30 Joer? Dat wonnert mech net. Si hält un hiren ale Gewunnechte fest, di al Louder.

Serge Also et ass net, dass ech mech langweile géif, mee meng Saachen sinn nach all do ënnen. Während' s Du telephonéiers ginn ech déi sichen. (*Schwätzt ganz no beim Telefon*). An dann erziele maer eis spéider vun der gudder aler Zäit wou se eis an der Arrestzell getrennt haten fir, dass maer net zesummen op nei Spiichte kéimen. E leet de Pinsel op de Salonsdësch. Ale Vévé, wat wäerte maer eng terribel Woch erliewen, Dank dem Serge ! (*a geet eraus*).

Henri Eng Woch??? (Fiert nees mat sengem Gespréich um Telefon weider Gudd lauschtert.) Dat Besch ass maer alarméieren d'Police... Dat ass schonns geschidd? An wichtig telephonéiert net mat menger Fra, et ass eisen Hochzäitsdag, an dee wëll ech him net versauen. Ech soen hir selwer Bescheid, wann een hir Mamm net am Laf vum Dag fënnt. (*Et schellt*) Entschëllegt, ech muss Aech loossen. Nach eng Kéier Merci, dass Daer Bescheid gesot hutt. (*En hänkt an a mécht sech op de Wee fir opmaachen.*) Also deen wäert ech net era loossen, seng Vakanz op eis Käsche kann en direkt vergiessen. (*E mécht Dier op*) Ech warnen dech Serge dass ... Bonjour an Daer sidd?

Szeen 3
Henry Demy

Demy Inspekter Demy Daum, Police Käerjeng. Ech kommen wéinst der Flucht ...

Henri Do ass et gudd, dass Daer direkt bei mech kommt. Ech gouf virgewart.

Bestimmungen:

Unerlaubte Aufführungen, unerlaubtes Abschreiben, Vervielfältigen, Verleihen der Rollen müssen als Verstoß gegen das Urheberrecht verfolgt werden. Alle Rechte, auch die Übersetzung, Rundfunk Verfilmung, und Fernsehübertragung sind vorbehalten. Das Recht der Aufführung erteilt ausschließlich der Verlag.

Demy Ech sinn hir während Kilometeren nogefuer ... Si ass eng richtig Verréckten.

Henri Wiem sot Daer et. Se hunn hir de Permis d'lescht Joer fir 10 Joer ewech geholl, wéinst Alkohol um Steier, Versuch vu Bestiechung a Widerstand géint d'Staatsgewalt ... A sou, dann ass se mam Auto ënnerwee.

Demy Ech soen Aech jo, dass ech hir nogefuer sinn. Ze séier Vitesse an der Uertschaft a besonnesch an der 30-ger Zone beim Altersheim ... zwee Punkten, duerch 5 rout Luuchte gefuer, 2 Punkten pro Luucht a vum Rescht guer net ze schwätzen

Henri Si hat och nach gedronk.... Nee wéi schrecklech!

Demy Drénkt se och nach?

Henri Wéi e Lach. Si Daer sécher, dass et net en Typ war dee gefuer war?

Demy Ech kann Aech versécheren si war aleng, iwwregens kann ech maer net virstellen, dass en Typ sech während dem fueren maquilléiert. Zwee Punkten.

Henri Weider näischt wéi Emmerdementer zënter, dass ech mech bestuet hunn. Ech wusst jo wat op mech duer komme géif.

Demy Wéi konnt Daer dat wëssen?

Henri Well si et virum Bestietnes schonn e bësse bont gedriwwen huet. Deemools hunn ech hir schonn ëmmer missen zouschwätzen.

Demy Daer hätt Aech net solle bestueden.

Henri Jo. Mee ech hunn se gär. Et ginn Daer nach méi. Dat gehéiert einfach beim Bestietnes derzou. An Daer sidd sécher, dass soss kee bei hir war?

Demy Ganz sécher, si war ganz aleng an huet iwwert dem fueren telefonéiert ... 2 Punkten. Ech weess net ob Daer mat gezielt hutt, mee wann se nach de Führerschäin hätt, wier se ewell 16 Punkte lass an dat während enger eenzeger Faart. An dobäi zielen ech emol net, dass se gedronk huet, well ech dat jo net kontrolléiere kann. Esou Leit vertraut een emol net eng Schubbar un, nach besser, et verhënnert een, dass se mat der Kutsch mat hiren eegenen Kanner spazéiere fueren an et léisst een se och net mat klengen Autoe spillen.

Henri Da mécht sécher hire Lover.

Demy A, huet se och nach e Lover?

Henri Wann et just ee wier. Hei am Haus si lauter jonk Borschten aus an a gaang. Do huet et hir dunn esou gefall, dass se net méi hei ze schlofe brauch.

Demy Zum Publikum Dee schléift getrennt mat senger Fra.

Henri Dat ass net einfach.

Demy Dat kann ee soen.

Henri Zemol wann een de Puppelche wëll.

Bestimmungen:

Unerlaubte Aufführungen, unerlaubtes Abschreiben, Vervielfältigen, Verleihen der Rollen müssen als Verstoß gegen das Urheberrecht verfolgt werden. Alle Rechte, auch die Übersetzung, Rundfunk Verfilmung, und Fernsehübertragung sind vorbehalten. Das Recht der Aufführung erteilt ausschließlich der Verlag.

Demy Ohlalalalalal (*zum Publikum*) Normalerweis ass een virun der Hochzäit enthaltsam an herno.... Hien mécht et net wéi di aner. (*zum Henri ironesch*) Sot, an Daer macht et heiansdo?

Henri Wat këmmert dat mech? Zu sech Dass dach wouer, wat huet meng religiös Erzéiung mat der Aler ze dinn? Et kéint ee mengen hien géif fir de Bistum schaffen.

Demy Ech verstinn, dass Daer maer net op dës Fro äntwere wëllt ... Et ass e bësse peinlech.

Henri E bësse peinlech ??? Ma maer maache wat maer kënnen. (*zu sech*) Gudd, ech hu jo näischt ze verstoppen ... (*zum Demy*) Ech maachen et just Chrëschttag mat der ganzer Famill a mat e puer Kolleegen.

Demy (*zitt säin Heft eraus an notéiert*) Drun denken d'Sittepolizei ze ruffen.

Henri An da kann ech Aech soen et ass eng grouss Ustrengung fir mech.

Demy (*zu sech*) Dat wonnert mech net.

Henri An da maachen ech et och heiansdo wann een a mengem Ëmfeld stierft Do ass ee jo och forcéiert.

Demy (*zitt säin Heft eraus*) Dringend.

Henri Wéinst der Wittfra, Daer verstidd.

Demy (*zu sech*) Dat ass wierklech e komesche Vull.

Henri Halt elo op indiskret Froen ze stellen an Commentairen tèschent aeren Zänn ze maachen?

Demy Weess Daer, wann Daer et mat engem Chef ze dinn hätt. Dee géif Aech nach ganz aner Froe stellen. Et kéint ee mengen hien wier der Däiwel a Persoun. En ass bei eis um Büro gehaast. Ech sinn do kee Säckdréier, obschonn ech ganz gären säi Posten hätt.

Szeen 4
Serge, Henri, Demy

Serge (*trëllt eran mat Bagagen am Grapp*) An, ass d'Police do?

Henri Wou wousst Du dann, dass den Haer hei ass?

Serge Ma säin Auto steet virun der Dier. Weess de nach wéi maer deemools um Bierg amüséiert hunn?

Demy (*zum Henri*) Wien ass daat do?

Serge Ech sinn de Serge Zill, Reesender. Kann ech Aech hëllefen? Daer sidd sécher e Kolleeg vum Vévé. Hellegen Vévé, weess de nach wéi maer eis deemools zu Dikrech mat der Police ugeluecht haten?

Henri Hal op Serge, ech si sécher dat interesséiert den Haer net.

Bestimmungen:

Unerlaubte Aufführungen, unerlaubtes Abschreiben, Vervielfältigen, Verleihen der Rollen müssen als Verstoß gegen das Urheberrecht verfolgt werden. Alle Rechte, auch die Übersetzung, Rundfunk Verfilmung, und Fernsehübertragung sind vorbehalten. Das Recht der Aufführung erteilt ausschließlich der Verlag.

Serge Dat sees de gudd, e gesäit normal aus. Ech si sécher deen huet der och gesticht....
(klappt dem Polizist op d'Schëller) Stëmmt et?

Demy Ech wëll. Allez verzielt wieder. Dat interesséiert mech! Kuckt op den Henri Et wier schlëmm wann ech näischt vun aeren Exploiten wéisst! Ne Vévé???

Serge (zum Henri) Deen ass cool, däi Kolleeg. Ech verziele weider. Also maer sinn do esou engem komesche Kärel begéint a maer ware sécher, dass maer him zu sechs géint een Meeschter ginn.

Demy An dunn?

Henri A, dat vergësst deen ni.

Serge Maer hunn eis ëm hien gekëmmert? Wéi huet e schonns méi geheescht? Maer haten a senge Pabeiere gekuckt. En hat e komesche Numm. Pierrot Pierre oder Joseph Jost

Demy Oder Marcel Marcelet?

Serge Esou ass et. (zum Henri) So deen ass schlau däi Kolleeg ... (zum Demy) Also deen Typ hu maer plakeg ausgedoe an dunn mat sengen Handschellen um Gelänner beim Policebüro ugestréckt. Säin Hutt a seng Strëmp hu maer him gelooss, fir dass e sech net erkaalt. (Zum Demy) Dat Bild häss de misse gesinn...

Demy Ech traue mech net maer dat virzestellen. De klenge Marcelet... (*E stellt säin Aktekoffer op den Dësch bei de Pinsel.*)

Serge Dat ass kee Witz. Ech hunn deen Owend Fotoe gemaach an hu se bei maer am Auto.

Demy Neel!!! Ech géif vill bezuelen fir déi ze gesinn — Haer Dusel, wann aere Kolleeg maer Kopie vun de Fotoe kéint ginn, mam Marcelet an Handschellen a just mat Strëmp um Gelänner, kéint ech duerch d'Fangere kucken.

Henri (zum Serge) Géi se séier sichen.

Serge Dat ass net méiglech, ech hunn mäin Auto zu Schuller geparkt. Ech hat kee Bensinn méi am Tank an do sinn ech schwaarz mam Bus heihinner komm. Et feelt maer net nëmmen un Bensinn!

Henri Du hues dech nach guer net geännert. Du bass nach ëmmer eng Katastrophe.

Serge Fir mech war et wichteg fir bei dech ze kommen. Esou brauch ech keen Hotel, an Du bass deen eenzeg, deen ech hei am Minett kennen.

Henri Mee Du häss awer d'Foto kéinte matbréngen. Dat häss Du Daer dach denke kënnen.

Serge Pardon, mee ech hunn fir d'éischt u meng Wallissen geduecht, ech soen Daer ech brauch déi fir kënnen ze schaffen. Meng Wallissen.

Demy Vu wat si Daer Reesender?

Serge Ech beliwieren d'Sex-shoppen mat allen Zorte vun Gadgets. Fir de Spaass vun der Madame a fir de Confort vum Haer ... An och ëmgedréint. Alles ass méiglech.

Bestimmungen:

Unerlaubte Aufführungen, unerlaubtes Abschreiben, Vervielfältigen, Verleihen der Rollen müssen als Verstoß gegen das Urheberrecht verfolgt werden. Alle Rechte, auch die Übersetzung, Rundfunk Verfilmung, und Fernsehübertragung sind vorbehalten. Das Recht der Aufführung erteilt ausschließlich der Verlag.

Henri Mee d'Fotoen. Déi huelen an der Wallisse keng Platz an. An Du hues jo och nach Täschen.

Serge Ierger dech net. Ech hunn nach anerer doheem. Maer brauchen just dem Noper Bescheed ze soen. Deen huet d'Schlüsselen an dann schéckt deen se mat der Post. Da sinn se e Méinden do. Wat wëlls de méi?

Demy Ech brennen drop se ze gesinn. Mee bis dohin, muss ech nees goen. Ech hunn de Policebüro zougespaart fir heihinner ze kommen. D'Aarbecht rífft.

Serge Well Daer bei der Police sidd?

Demy Marcel Marcelet, ech kommen. Du wäers bezuelen, fir dat wat' s Du maer gedoe hues.

Serge (*flehend*) Hutt Matleed mat him. Ech ginn Aech wat Daer gären hätt.

Henri Laacht. Fir de Spaass vun der Fra a fir de Confort vum Mann.

Demy Ech hunn de Geck gemaach. De Marcelet ass mäin Chef, eng richtig Sau an ech dreemen dervun meng Revanche ze huelen. Allez bis muer. (E vergësst säin Aktekoffer.)

Szeen 5
Serge, Henri

Serge Du hues jo sécher e Gästezëmmer. Ech gesinn mech schlecht um Canapé leien. So, dat mécht denger Fra jo sécher näischt aus wann ech schnaarchen?

Henri Fir wat? Hues Du wëlles bei him ze schlofen? Gudd, ech kann dech hei logéieren. Awer just fir eng Nuecht!

Serge Wat fir e Vertrauen? Et kéint ee mengen Du géifs mech net kennen.

Henri Genau. Sou wéi ech dech kennen, bass Du am Stand, all dengen ale Kolleegen meng Adresse ze ginn. Mee hei ass keen Hotel.

Serge So, bass Du bestuet oder gekummert?

Henri Ech si bestuet mam Céline an dat op den Dag genau 15 Joer.

Serge Ass se mockeleg?

Henri Do beleidegs Du mech awer. Mengs Du esou e flotte Käre! wéi ech hätt sech mat enger fetter dommer Fra bestuet?

Serge Nee, mee dat wier logesch.

Henri Ma do iers de dech, obschonn et mengem Zwillingbrudder esou gaange war.

Serge Dat ass net logesch.

Henri Meng Fra huet awer e grouse Feeler ... Hir Mamm!

Serge Hir Mamm huet e grouse Feeler?

Bestimmungen:

Unerlaubte Aufführungen, unerlaubtes Abschreiben, Vervielfältigen, Verleihen der Rollen müssen als Verstoß gegen das Urheberrecht verfolgt werden. Alle Rechte, auch die Übersetzung, Rundfunk Verfilmung, und Fernsehübertragung sind vorbehalten. Das Recht der Aufführung erteilt ausschließlich der Verlag.

Henri Nee!!! Dach! !!! Ech wëll soen deen eenzege Feeler vu menger Fra ass hir Mamm déi voll ass ... voller Feeler ... Alkoholikerin ...

Serge Dat ass awer blöd.

Henri Nymphomanin.

Serge Ganz interesséiert A sou????

Henri Serge!!! Gudd, wéi ech Daer schonns gesot hunn. Haut ass eisen Hochzäitsdag. An ech wëll se net beonrouegen.

Serge Ma gudd, dat ass logesch.

Henri Meng Schwéiermamm ass am Altersheim mat engem Infirmier fortgelaf. Et ass méi wéi sécher hire neie Frënd. An elo muss ech dat dem Céline verheemlechen.

Serge Ma gudd, dat ass logesch.

Henri Erënners de Dech? De Polizist vu virdrun sot e géif en A zoudrécken wann ech him d'Fotoe vu sengem Chef zoukomme loossen.

Serge Du frees mech awer Saachen. Wéi soll ech et da maachen fir säi Chef plakeg ze fotograféieren?

Henri Mee d'Fotoe vun sengem Chef, déi hues Du dach scho laang. Et ass deen Typ vun Dikrech. Du telefonéiers elo dengem Noper, fir dass deen eis d'Fotoe schéckt.

Szeen 6

Suzy, Henri, Céline, Serge

Suzy (*kënnst mam Céline eran*) Du dees mech 2 km ze Fous op d'Police goen fir, dass do de Büro net besat ass. Dorunner wäert ech mech erënnere.

Henri (*beonrouegt*) Fir wat war Daer op d'Police?

Suzy Et ass well d'Céline wollt dass ...

Céline Dass hat eng Plainte mécht, (*zum Suzy*) Pass op wat' s de sees.

Henri (*zum Serge*) Wann et ëm de Vol vu sengem Gehier geet, dofir ass et ze spéit. Dat gëtt et just nach op Rezept.

Suzy Esou wéi beim Dokter ?

Henri Vergiess et. Mee Suzy, fir wat wollts Du eng Plainte maachen ?

Suzy (*zum Céline*) Jo fir wat ?

Céline Eng béiss Affaire!!! Et geet drëms eraus ze fannen wien dem Suzy seng Geranien op der Fësterbänk geklaut huet.

Henri Ma Suzy, Du wunns dach um 5te Stack.

Bestimmungen:

Unerlaubte Aufführungen, unerlaubtes Abschreiben, Vervielfältigen, Verleihen der Rollen müssen als Verstoß gegen das Urheberrecht verfolgt werden. Alle Rechte, auch die Übersetzung, Rundfunk Verfilmung, und Fernsehübertragung sind vorbehalten. Das Recht der Aufführung erteilt ausschließlich der Verlag.

Suzy Si si vu banne komm. Dat heescht se hunn de Code vun der Alarmanlag misse kennen.

Céline Abroch an esou weider. Mee wat komesch ass, si hunn soss näischt geklaut. Keng Tëlee, keen DVD-Player, keng Stereosanlage just d'Geranien.

Suzy Esou ass dat. Abroch an esou weider...

Serge Dat ass net logesch. Ech hätt dobannen alles duerchwullt. Mee d'Geranien? Wéi en Dommen hält just Geranien?

Suzy Jo nee, dat ass net logesch. Mee ech fannen dat net domm. Geranien. Ob alle Fall war deen net méi domm wéi Daer an ech.

Céline Ironesch Wat eng Wäitsicht. Mee entschëllegt, dass ech mech mat all deem net virgestallt hunn. Ech sinn d'Céline, dem Henri seng Fra.

Suzy An ech sinn d'Suzy, d'Fra vu kengem. Di beschte Frëndin vum Céline. An Daer? Wien si Daer?

Serge Serge, fir de Spaass vun der Fra an dem Confort vum Haer. Ech sinn fir meng Aarbecht vill ënnerwee an do sot ech maer: Wéi wier et wanns de den Henri Mol eng Kéier besiche géifs goen, mäin ale Kollege aus der Arméi. D'Geleeënheet fir him a senger Fra alles Guddes fir den Hochzäitsdag ze wënschen.

Céline Daer kennt den Datum vun eiser Hochzäit?

Serge Natierlech, ech war do wéi den Henri ...

Suzy Wéi den Henri dem Buergermeeschter JO gesot huet??? Ech hat mech deemools herrlech amüséiert. Ech war hannen am Sall an hunn net alles mat krut. *(zum Serge)* Et war eng flott Hochzäit.

Serge Jo, mat der Koppel, den Invitéen an all deem ...

Suzy Et ass komesch. Ech kann mech net méi un Aech erënneren, an dobäi hunn ech e gudd Gediechtnes wat flott Jonge betrëfft.

Henri Deemools war en onopfälleg. *(zum Serge)* Wéivill Operatiounen hues Du zënter hir hannert Daer?

Céline Henri, géi d'Gruppfoto sichen, da kucke maer ...

Serge Ech sinn net op der Foto!

Henri Ze blöd. Hien stoung um Bord an de Photograph hat hien net mat a sengem Objektiv.

Suzy Ob alle Fall vollen Erfolleg Aer Operatiounen. Daer musst maer d'Adresse vun Aerem Chirurg ginn. Ech wëll maer d'Brëscht vergréissere loossen..

Serge Ech si frou mat grouse Brëscht.

Henri Beroueg Dech Serge !!! *(zum Suzy)* Deen Dokter mécht keng Brëscht!

Serge A jo richtig, hien mécht keng Brëscht!

Bestimmungen:

Unerlaubte Aufführungen, unerlaubtes Abschreiben, Vervielfältigen, Verleihen der Rollen müssen als Verstoß gegen das Urheberrecht verfolgt werden. Alle Rechte, auch die Übersetzung, Rundfunk Verfilmung, und Fernsehübertragung sind vorbehalten. Das Recht der Aufführung erteilt ausschließlich der Verlag.

Suzy Si Daer sécher? Dat ass schued!

Serge Jo, mee dat ass esou. Ech kennen e gudd, maer hu vill Zäit zesumme verbruecht mat all mengen Operatiounen, an ech soen Aech wat ech denken. Wann hien hätt kéinte grouss Brëscht maachen, dann hätt ech maer der maache gelooss. Mee gidd zou, dat hätt bei der Aarbecht Problemer gemaach.

Céline A jo, wat maach Daer iwwerhaapt?

Serge Ech warnen Aech. Wann ech et soen sinn d'Leit ëmmer e bëssen erstaunt.

Henri (*verwirrt*) Professionellen Dänzer! Klasseschen Danz, Rock, Akrobatik, Thé dansant, ... (*vorsichtig*) Ne, Du bass Dänzer, Serge?

Suzy Ma Daer interesséiert mech ëmmer méi, Monsieur Serge, ech hunn ëmmer vun engem Dänzer gedreemt.

Henri Serge, et wier un der Zäit, dass du deng Saachen an d'Gästeszëmmer dréis, an ech soen Daer direkt, et ass just eng eenzeg Matraz do.

Serge Dat ass net schlëmm. Dat erënnert mech un di gudd al Zäit. Deemools war et eis egal ob do eng Matraz war oder net. Deemools huet et all Owend missen en anert Meedche sinn, haaptsächlech bei him, di Sau.

Céline (*zum Serge*) Ech gi mat Aech. Wou sinn Aer Wallissen? (*De Serge weist hir se, si hält eng an dréit se ëm, dass de Publikum liese kann wat drop steet „GOD (e ne) BLESS(e pas) YOU“. De Serge kritt dat mat a verstoppt d'Affiche vun der Wallisse andeems hien dem Céline noheet an seng Wallisse virun di anerer hält. Op senger Wallisse steet „CARLA LATEXXXXX“ D'Céline geet rose fort*) All Owes en anert!!! (*Se ginn all ausser d'Suzy*)

Suzy (*geet bei de Spigel*) Allez eng kleng Retouche fir e gudden Androck beim Monsieur Serge ze hannerloossen.

Szeen 7
Demy Suzy

(*Den Demy kënnt „auf leisen Sohlen“ eran a geet zu sengem Aktekoffer*).

Demy O Pardon. Ech hat Aech net direkt gesinn.

Suzy Ech hat Aech och net un der Dier klappen héieren.

Demy Et deet maer Leed, dass ech net getockt hat. Ech komme just mäin Aktekoffer sichen. Daer sidd Madame Dusel, huelen ech un.

Suzy Nee, dat sinn ech net. Ech kann Aech se ruffen wann Daer wëllt.

Demy Nee léiwer net, ech wëll mech net laang ophalen.

Suzy Jo, dat ass logesch.

Demy (*nodenklech*) Jo, dat ass logesch. Daer sidd sécher dem Haer Serge seng Fra.

Bestimmungen:

Unerlaubte Aufführungen, unerlaubtes Abschreiben, Vervielfältigen, Verleihen der Rollen müssen als Verstoß gegen das Urheberrecht verfolgt werden. Alle Rechte, auch die Übersetzung, Rundfunk Verfilmung, und Fernsehübertragung sind vorbehalten. Das Recht der Aufführung erteilt ausschließlich der Verlag.

Suzy Wéi komm Daer do drop? Mee wien weess wat eis d'Zukunft bréngt. E flotte Kärel wéi hien.

Demy Et ass gudd, dass Daer et sidd. Well wann Daer d'Madame Dusel gewiergt wäert, hätt ech Angscht gehat eng kommen ze loossen.

Suzy Dat kënnt maer heiandsdo vir. Do sinn esou Saachen wéi, dass ech um falsche Begrieffnis sinn, oder wéi ech kleng war, do hat ech eng Kéier eng ganz Verpackung Smaties giess. Ech hunn se an enger Kéier giess fir, dass meng Eltere näischt matkréien. A wéi meng Mamm di eidel Këscht fonnt huet, huet se laang gebrauch fir de Schëllegen ze fannen ... Ech sinn deemools ganz séier an ech betoune ganz séier op d' Toilette gelaf, net fir mech virun hir ze verstoppen, mee ech hat d'Smarties mat Laxativen verwiesselt. Ech soen ëmmer et läit net un der Intelligenz, maer sinn einfach ze vill duercherneen.

Demy Schwätzt Daer vu maer? Dat ass léif.

Suzy An och vu maer.

Demy Aere klenge Frënd huet Aech sécher vun der Madame Dusel geschwat. Vun hiren Alkoholproblemer an esou wieder.

Suzy A Nee!! Si ass keng Alkoholikerin, d'Madame Dusel.

Demy Si verheemlecht da.. Genau esou wéi all hir Loveren déi hei am Haus an an aus ginn. A just Jonker. Och dovunner huet se sécher ni geschwat.

Suzy Si huet keng Lover, d'Céline, Dat ass net logesch.

Demy Hire Mann huet maer dat virun enger hallwer Stonn verzielt. Hien muss et jo wëssen. Daer géift gudd drun doen op de Serge opzepassen. Bei enger Nymphomanin wéi si weess ee ni.

Suzy D'Céline ass keng Nymphomanin, dat soen ech net, mee si!!! si ass bestuet. Ech sot hir nach virun, Céline, Du bass bestuet ... Lover, Céline... Esouguer een, dat ass net logesch!

Demy Dat ass villäicht net logesch, mee passt awer op de Serge op. Ech muss nees goen. Also loosst keng weider kommen an zemol kee Wuert zu der Madame Dusel, ech, ech fuersche wieder. *(Geet eraus. Suzy geet a Richtung Gästezëmmer a rífft an de Gank)* Céline Céline !!!

Szeen 8
Céline Suzy

Céline So geet et? Bass de fäerdeg esou ze jäizen?

Suzy Hal dech fest. Du hues Loveren.

Céline Laacht Du bass verréckt. Ech hunn dat schonns eng Zäitche geduecht, mee elo wirklech. Ech soen Daer et ... Du bass verréckt.

Suzy Den Henri léisst Dech vun engem Privatdetektiv beobachten. En ass elo grad gaang.

Céline E Privatdetektiv. Du hues awer eng Imaginatioun.

Bestimmungen:

Unerlaubte Aufführungen, unerlaubtes Abschreiben, Vervielfältigen, Verleihen der Rollen müssen als Verstoß gegen das Urheberrecht verfolgt werden. Alle Rechte, auch die Übersetzung, Rundfunk Verfilmung, und Fernsehübertragung sind vorbehalten. Das Recht der Aufführung erteilt ausschließlich der Verlag.

Suzy De Carsten Stahl perséinlech.

Céline Mee, wat mécht deen héi? A fir wat hat e net geschellt?

Suzy E wollt onerkannt bleiwen. Ech hunn en iwwerrascht wéi e säin Aktekoffer mat kompromettanten Dokumenter sich kouw.

Céline Wat kënne maer maachen?

Suzy Ech loossen dech net hänken. Vergiess net, ech sinn deng beschte Frëndin! Fir d'éischt därerf en dech net erkennen. Maer maachen dech ellen. Maer pechen Daer e falsche Schnurrbart op Hei, maer maachen, dass Du denger Mamm gläichs.

Céline Mengs de net, dass Du iwerdreiws. Du hues zevill de Fernseh gekuckt.

Suzy Maer fanne fir dech falsch Pabeieren, an da fanne maer e Passage fir Dech an d'Belsch ze schmuggelen. Sou wéi den Carlos Puigdemon.

Céline Wéi de Carlos Puigdemon, soss näischt?

Suzy Ma well ech gesot hunn, dass maer maachen, dass Du denger Mamm gläiche solls... Si wollt dach ëmmer op Barcelona. Du kréins awer e bëssen Imaginatioun hunn.

Céline Gudd. Komm maer bleiwen mat de Féiss um Buedem an iwwerleeën e bëssen! (*D'Suzy leet de Fanger op de Mond a mecht wéi wann et nodenke géif*). Ech hu krass geschwat, dat war net fir Dech gemengt.

Suzy Jo, dat ass am Fong logesch,

Céline Fir d'éischt brauch ech maer näischt virzwerfen. Ech sinn net friemgaang!

Suzy An dat kanns Du beweisen, du kanns him all deng Lovere weisen, déi' s Du net has.

Céline Beroueg Dech, dat wier besser.

Szeen 9

Serge, Henri, Suzy Céline

Serge (*De Serge kënnt mam Henri eran*) An Meedercher, schnësst Daer?

Suzy Maer hunn vum Henri geschwat, et wier besser wann hien...

Céline (*ënnerbrécht*) ...de Pinsel net iwwerall géif trëlle loossen. Kanns Du Daer virstellen, dësen Dësch ass nach esou nei wéi virun 10 Joer (*Si hëlt de Pinsel vum Dësch a gëtt en dem Henri*) Du bass guer net verstänneg.

Henri Géff en, ech ginn nees u meng Aarbecht, soss ginn ech ni fäerdeg.

Céline (*ironesch*) Géifs de léiwer mat maer an d'Kiche goen fir d'Owesiessen ze preparéieren?

Serge Mat wat fir enger Aarbecht bass Du am gaang?

Céline Di al Schlofkummer vu menger Mamm, maer sträichen se e bëssen un, fir de Fall vu Nowuess.

Bestimmungen:

Unerlaubte Aufführungen, unerlaubtes Abschreiben, Vervielfältigen, Verleihen der Rollen müssen als Verstoß gegen das Urheberrecht verfolgt werden. Alle Rechte, auch die Übersetzung, Rundfunk Verfilmung, und Fernsehübertragung sind vorbehalten. Das Recht der Aufführung erteilt ausschließlich der Verlag.

Suzy E bässe Faarf a schonns iwwersprange maer eng Generatioun.

Serge Daer sidd e richtege Philosoph. Dat gesäit een direkt, Daer hutt esou e viven an iwwerschlaue Bléck.

Suzy Et ass komesch, mee Daer sidd deen éischten deen dat seet.

Serge Dat ass sécher en Zeechen.

Céline Daer kënnt dem Henri eng Hand upaken. All Hëllef ass wëllkomm.

Serge Fir de Puppelchen. O do gött en och ouni mech eens.

Henri Hat schwätzt vum usträichen.

Serge Weess de Henri. Ech hunn zwou lénker Hänn a meng Fangeren weisen och net all dohin wou se weise sollten. Ech bleiwen léiwer bei der Joffer Suzy. *(zum Suzy)* Ganz schéin, sou heescht Daer jo wann ech mech net ieren?

Suzy Daer sidd héiflech, Haer Serge.

Serge Ëmmer fir Aech do Joffer. Serge Zill, fir d'Freed vun de Fraen an fir de Confort vun den Haeren.

Céline Gudd, maer loossen Aech. Bis geschwënn. *(Si geet mam Henri eraus)*

Szeen 10
Suzy, Serge

Suzy Endlech aleng.

Serge Kënn Daer Aech mech mat engem Pinsel am Grapp virstellen? Ech en Intellektuellen!

Suzy Erzielt maer vun aerem Beruff. Daer gesidd sécher vill Leit, dat muss spannend sinn.

Serge Et däerf een net iwwerdreiwen. Ech reesen duerch d'ganz Land a weise Klengcheeten. Wann se de Leit gefallen, da kafen si se.

Suzy Kënn Daer maer och e puer vun aere Klengcheete weisen.

Serge Wat gelift?

Suzy Just eng kleng Demonstratioun fir mech ganz aleng. Wann ech richtig verstanen hunn maache maer et zu zweet.

Serge Et ass just, dass ech all mäi Material an de Wallissen hunn. A maer kennen eis knapps.

Suzy Wat si Daer schei Haer Serge. Dat ass net schlëmm. Da maacht Daer et ouni Tutu. Einfach sou.

Serge Wat hu Daer da léiwer, di japanesch Schubkar, oder di schweedesch Friddenspäif?

Suzy Ass dat klasseschen Danz oder akrobatesche Rock?

Bestimmungen:

Unerlaubte Aufführungen, unerlaubtes Abschreiben, Vervielfältigen, Verleihen der Rollen müssen als Verstoß gegen das Urheberrecht verfolgt werden. Alle Rechte, auch die Übersetzung, Rundfunk Verfilmung, und Fernsehübertragung sind vorbehalten. Das Recht der Aufführung erteilt ausschließlich der Verlag.

Serge (*versteet*) A, Daer schwätzt vum ... Jo et ass éischer Akrobatik, mee haut den Owend. Ech kann elo net. Et muss een sech virdrun opwiermen fir ze danzen, soss blockéiert et am Rëck.

Suzy A wéi wier et fir muer?

Serge Dat gesi maer dann. A wat maach Daer?

Suzy Ech testen Crèmen.

Serge Déi schéinen Aech gudd ze doen, mat aerem wonnerbare Kierper an dat trotz aerem Beruff.

Suzy Et ass fir de Männer ze gefalen wou d'Frae Crème benotzen.

Serge Ech stinn net esou op Crèmen, éischer op frëscht Fleesch... Dat ass eng Gewunnecht vu fréier, wéi ech am Henri um Härebiert war.

Suzy Mee dat eent verhënnert dat anert net, ech zum Beispill hu just e bëssen op mengen Aendeckelen. Gefällt dat Aech?

Serge Di Schmink do? Ech mengen ech war um falsche Wee. Daer sidd an der Kosmetik??? Ech hat gemengt Crème fir z'iessen. Am Fong kéinte maer zwee eng änlech Devise hunn. Fir de Confort vun der Fra a fir d'Freed vum Haer.

Suzy Wéi Daer dat betount. Daer musst e Musical maachen. Kënn Daer sangen?

Serge Neen, ech hu kee grousst Organ, ech wollt ëmmer. Weess Daer dat gefällt de Fraen. Mee ech kommen net ganz héich. All Kéiers wann een dat vu maer verlaangt muss ech ofbriechen ... Sot, bleif Daer fir d'Owesiessen?

Suzy Et deet maer leed, mee ech muss Heem goen. Ech muss fir muer eng Nuetscrème testen. Huel dem Céline an dem Henri e schéine Bonjour mat. (*si geet vun der Bün*)

Szeen 11
Henri, Serge

Serge Ech mengen ech krut vun hir den Ticket geknipst. Et misst een méi oft eng Benzinsspanne hunn! (*jäizt*) So Henri, sinn all Frëndinnen vun denger Fra esou gudd gebaut?

Henri (*vun der anerer Säit*) Weess de, zënter dass ech bestuet sinn, hunn ech keng aner Frae méi bekuckt.

Serge Ech froen dech net ob s de se kucks, mee ob s de se gesäis a wéis de se gesäis.

Henri Wat wëlls de dass ech soen. Si sinn all e bëssen wéi d'Suzy.

Serge Bass Du seriöe? Wéivill vun hinne sinn esou?

Henri Fir wat frees de mech dat?

Serge Fir ze wëssen wéi laang ech bei Daer bleiwen a wéivill Owender ech als Candle-light Dinner z'organisieren hunn. Mat wem soll ech ufänken?

Bestimmungen:

Unerlaubte Aufführungen, unerlaubtes Abschreiben, Vervielfältigen, Verleihen der Rollen müssen als Verstoß gegen das Urheberrecht verfolgt werden. Alle Rechte, auch die Übersetzung, Rundfunk Verfilmung, und Fernsehübertragung sind vorbehalten. Das Recht der Aufführung erteilt ausschließlich der Verlag.

Henri Dreem net. Göff dech mat enger zefridden. Ech hunn iwweregens den Androck wéi wanns du dem Suzy gefale géifs. Wat hues Du eng Chance, och wann hat e bëssen droleg ass.

Szeen 12

Triny, Aender, Serge

Triny (*kënnst wéi e Blëtz eran*) Komm Aender, si hunn net zougespaart. An dobäi hunn se d'Schlässer gewiesselt fir, dass ech net eran komme soll.

Aender Mengs de maer kéinten einfach esou eran??? (*gesäit de Serge*) Triny...

Triny Wat ass?

Aender (*weist mam Kapp op de Serge*) Däi Schwoer!

Triny (*iwwerdeems si sech ëmdréit*) Henri, mäi Klengen, d' Wallissen sinn ënnen am Gank!

Serge Ah nee, ech sinn net den Henri.

Aender Daer sidd net der Madame hire Schwoer?

Serge Nee, ech sinn de Serge. Fir d'Freed vun der Fra a fir de Pleséier vum Mann

Triny Fir d'Freed vun der Fra ? Si Daer mengem Meedchen hire Ament? Alleluja, et gouf Zäit, dass et verstänneg gött. Ech hat scho gemengt et wier maer net nogeschloe an et wier an der Maternité vertosch ginn.

Serge Do ier Daer Aech. Ech sinn net den Ament vum Céline. Ech sinn dem Henri säin Kolleeg.

Triny Ass en do?

Serge Wien?

Triny Den Ochs deen eem d'Haren opsetzt.

Serge Wien? Jo, en ass am Nopeschzëmmer, mee...

Triny Well hien am Niewenzëmmer ass wëll Daer net zouginn, dass Daer mat mengem Meedchen

Aender Dat ass net esou einfach. Dem beschte Kolleeg Haren opsetzen dat ass classesch, mee net praktesch.

Triny Gleeft u meng Erfahrung. Engem Friemen Haren opsetzen dat ass banal, mee dem eegenen Kolleeg. Ech dinn mäin Hutt of. Ënnert sengem Daach a wann hien doheem ass, eng grouss Konscht.

Serge Ma elo geet et duer mat der blöder Geschicht. Ech kennen hat eréischt zënter enger Stonn.

Aender Weltmeeschter!! Knapps do a schonn d'Katz am Sak.

Bestimmungen:

Unerlaubte Aufführungen, unerlaubtes Abschreiben, Vervielfältigen, Verleihen der Rollen müssen als Verstoß gegen das Urheberrecht verfolgt werden. Alle Rechte, auch die Übersetzung, Rundfunk Verfilmung, und Fernsehübertragung sind vorbehalten. Das Recht der Aufführung erteilt ausschließlich der Verlag.

Serge Denk Daer wierklech u soss näischt?

Triny (*di zwee kucken sech um*) Dach!

Serge A Léift. Zielt déi net?

Triny A dach. Wann d'Léift matspillt, da gött et net einfach. Mäi Mann, ech hat e mat 29 Joer kenne geléiert. Ech war frou mat him, nee wat war ech frou mat him.

Serge Gesi Daer!

Triny Während engem Joer war et di grouss Léift. An dunn ass et en ale Mann vun 30 Joer ginn. An du sinn ech friem gaang ëmmer an ëmmer méi oft.

Aender Op alle Fall war et gudd, dass Daer Aech ëm dem Triny hiert Meedche gekëmmert hutt, dat deet kengem wéi an et deet gudd.

Serge (*jäitzt*) Ma lo geet et awer duer. Wann ech Aech soen, dass...

*Dëst ass en Extrait aus dem Theaterstück
"Trotzdem alles Guddes"*

**Wëll Dir dat ganz Theaterstück lesen?
Da bestellt dach einfach de ganzen Text als gratis Liesprouf op eiser Websäit.**

Op eiser Websäit ënnert dem Theaterstück

Gréng Bestellbox: Gratis Liesprouf, kompletten Text

Rout Bestellbox. Di ganz Rollen

Blo Bestellbox: Liesprouw per Post oder Zousatzheft zu de Rollen

Wann Iech dat Theaterstück gefallen huet, da bestellt dach einfach
di ganz Rollen am Internet op eise Websäiten.
[www. mein.theaterverlag.de](http://www.mein.theaterverlag.de)

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersnehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Vertrieb

mein-theaterverlag
41849 Wassenberg, Packeniusstr. 15

Telefon: 02432 9879280

e-mail: info@verlagsverband.de

www.mein-theaterverlag.de – www.theaterstücke-online.de – www.theaterverlag-theaterstücke.de. – www.nrw-hobby.de